

Mäerz 2022

OP DE PUNKT.

KONTAKT - AN INFORMATIIONSBLAT VUN DER CSV BIISSEN



WAT STEET (NET) AM MASTERPLANG?

Op Wonsch vum Schäfferot krut d'Firma MC Luxembourg den 30. November 2020 vum Gemengerot gréng Luucht, fir e sougenannte "Masterplang Biissen 2030" opzestellen. Dëse sollt am Mäerz 2021 virleien, gouf awer eréischt Enn 2021 dem Gemengerot presentéiert.

Analyséiert goufen ënner anerem d'Bevëlkerungsentwécklung, d'Schülerzuelen, d'Gemengegebaier an d'Finanzsituatioun. Déi ablécklech Finanze goufen als exzellent agestuift. Esou leit d'Pro-Kapp-Verschëldung bei 1.933 Euro, mee soll awer bis 2026 bis op 9.287 Euro pro Kapp klammen. Leider goufen d'Zuelen net bis 2030 presentéiert, obschonns an deem Zäitraum gréisser Investitioune wäerten ufalen (z.B. nei Gemeng, Kongresszentrum).

Keng Aussoe goufet zur künftiger Evolutioun vum Gemegepersonal an zu hirem Equipement. Dat wier fir eng komplett Finanzanalyse néideg. Am Masterplang goufen dës gréisser Investitioune ugekënnegt:

- Place de l'Immigration mat enger neier Gemeng, engem Kulturzentrum an enger Brasserie ;



- Neie Gemengenatelier am ZAC Klengbusbiierg;
- Encadréierte Wunnraum fir eeler Matbiierger (ass an der Bléi am Bau) ;
- Ausbau vun de Kapazitéiten an der Schoul an Opfankstrukturen (Ausbau vun der Crèche an zousätzleche Stack op d'Primärschoul)

- Abordable Wunnraum an ënnerierdesche Parking an der Grand-Rue (fréiere Salon Raths a fréiere Hotel Stoffel);
- Jugendwunnengen um selwechte Site am Zentrum;
- Geschäfte am Zentrum (ouni konkrete Projet am Ablack).

Am allgemenge ware mir als d'Biisser CSV zimmlech enttäuscht vum Masterplang. Esou gouf eng grouss Investitioun komplett vergiess, nämlech den Neibau vun engem Drénkwaasserreservoir um Wobierg fir iwwer 4 Milliounen Euro. Dësen Devis gouf nëmmen e puer Méint méi spéit, den 2. Februar 2022, am Gemengerot gestëmmt. Dobäi stoung an der "Lettre d'engagement" vun der Gesellschaft MC Luxembourg ë.a. folgendes:

« analyse d'impact sur les différentes missions communales et ce notamment pour ce qui concerne (...) les services en matière de l'approvisionnement en eaux potables et la gestion des eaux usées ».

Och sollten am Rapport de mission « des recommandations en matière de leviers d'optimisation économique et financière de la capacité d'autofinancement pluriannuelle » opgewise ginn. Heizou goung an der Schlusspresentatioun och keng rieds méi.

Le conseil communal a chargé une société de conseil avec l'élaboration d'un plan de développement pluriannuel ayant pour horizon l'année 2030. Suivant ce plan, il est prévu notamment de réaménager la Place de l'Immigration (construction d'une nouvelle mairie ainsi que d'un centre de congrès), de construire un nouvel atelier

communal, de créer des logements abordables dans la Grand-Rue et d'agrandir la crèche communale.

Ce plan est cependant resté muet quant à la nouvelle construction d'un réservoir d'eau potable au „Wobierg“ ainsi que sur des recommandations en matière de leviers d'optimisation économique et financière de la capacité d'autofinancement pluriannuelle. L'évolution du niveau d'endettement par habitant est estimée de 1.933 euros en 2021 à 9.287 euros en 2026 tout en ignorant que certaines réalisations immobilières importantes sont planifiées pour les années 2027 à 2030.

DE CYCLOCROC GËTT MÉI DEIER

Um Vëloswee tëschent der Primärschoul an dem ale Foussballterrain gëtt am fréiere Garde-Haische laanscht den Eisebunnsschinnen e „Café culinaire“ fir Vëlosfuerer a Wanderer ageriicht. Mir als Biisser CSV sinn der Meenung, datt d'Garde-Haischen de falschen Emplacement fir e CycloCroc ass an hätte léiwer dës Suen (600.000 Euro) an den Ëmbau vun der Biisser Millen investéiert.

Elo stellt sech eraus, datt de Projet vum CycloCroc nach méi deier gëtt. Esou ass d'Garde-Haischen nach net un de Kanal ugeschloss! Am Kader vun der néideger Erneuerung vun der Kanalisatioun bei verschidde Haiser an der Rue Michel Stoffel (Devis: 433.291,61 Euro) gëtt elo dovunner profitéiert, fir dat nozehuelen.

Och huet d'Gemeng nach eng kleng Strépp direkt nieft dem Garde-Haische laanscht den Eisebunnsschinn misse kafen. Och wann de Kafpräis niddreg ass, stellt ee fest, datt déi reell Fraise fir d'Ariichte vum CycloCroc esou lues eréischt un d'Dageslicht kommen.

Le CSV Bissen reste opposé à l'aménagement d'un café culinaire sur le site de l'ancienne maisonnette du gardien de barrière ferroviaire. Il aurait préféré un site plus accessible. S'y ajoute que le devis de 600.000 euros s'avère insuffisant. Durant les derniers mois, le conseil communal a dû acquérir un terrain adjacent et voter un devis pour la pose du canal pour l'évacuation des eaux usées.





ZUM BUDGET 2022

De Budget 2022 gouf och vun der CSV-Fraktioun matgedroen, well en déi richteg Prioritéite setzt, nämlech d'Drénkwaasserversuergung (ë.a. Bau vun engem neien Drénkwaasserreservoir um Wobierg) an dem Accueil vun eise jonke Matbierger (Crèche). Domadder huet de Schäfferot eiser Kritik aus de leschte Méint Rechnung gedroen. Och sollen d'Weeër um Kierfecht am Joer 2022 erneiert ginn.

Mir hunn awer zäitgläich op de schlechten Zoustand vun der Kierchentrapp opmierksam gemeet. Och hu mir de Schäfferot dozou operuff, fir eng Neiverhandlung vun de Gemengeschilden an d'Weeër ze leeden an esou vun den ablécklech niddregen Zënsätz op de Finanzmäert ze profitieren.

Am Ablack sti vill Gebaier am Duerfkär eidel. E groussen Deel vun dese Gebaier gehéiert der Gemeng. Dofir begréisst

d'Biisser CSV, datt den nei gegrënnte Jugendklub provisoresch am Salon Raths ënnerkomm ass. Mir ruffen de Schäfferot op, och fir déi aner Gebaier eng provisoresch Notzung ze fannen oder op mannst d'Fënsteren ze botzen an ze dekorieren, fir eisen Duerfkär ze verschéinere.

An de leschten 2 Joer huet d'Gemeng vill Terrainen a vill Gebaier kauft. Elo gëllt et awer, des Terrainen ze viabiliséieren. Dat wäert d'Gemeng an enger 1. Phas ganz vill Sue kaschten, esou datt mir als CSV-Fraktioun de Risiko vun enger substantieller Finanzéierungslück fir déi vill geplangten Investitiounen an den nächste Jore gesinn. Deemno wäert de Gemengerot net laanscht eng Prioritisierung vun de geplangten Investissementer kommen.

Le budget communal pour l'exercice 2022 a trouvé l'approbation du groupe CSV, car les priorités de ce budget coïncident avec certaines revendications du

CSV Bissen. Ainsi, il est notamment prévu de voter prochainement les devis relatifs à l'extension de la crèche communale et à la réfection des chemins sur le cimetière communal.

Le CSV Bissen a rendu attentif sur le fait que la commune a acquis durant les dernières années beaucoup de terrains et d'immeubles dans l'intention louable de créer des logements abordables. Considérant la lenteur des procédures administratives au niveau de l'Etat, le CSV a salué la mise à disposition du Salon Raths pour le Club des jeunes et a suggéré de réfléchir à propos d'une affectation provisoire des autres bâtiments sis Grand-Rue afin d'éviter un aspect délabré du centre du village.

ÄR CSV-VERTRIEDER AM GEMENGEROT



FRANK CLEMENT
frank.clement@bissen.lu



JOËLLE FAGNY ÉP. KRAUS
joelle.fagny@bissen.lu



CHRISTIAN HOSCHIED
christian.hoscheid@bissen.lu



CARLO MULBACH
carlo.mulbach@bissen.lu

NEWSLETTER CSV BIISSEN

D'Biisser CSV bitt lech eng reegelméisseg Informatioun iwwert an aus onser Gemeng un, an dat mat enger „Email-Newsletter“. Fir dovunner ze profitieren, braucht Dir lech just anzeschreiwen, andeems Dir eng Email op biissen@csv.lu schéckt.

Le CSV Bissen vous offre une information régulière sous forme d'une Newsletter. Pour pouvoir en profiter, il suffit de nous adresser un courriel à biissen@csv.lu.

GRAD ELO! MEMBER GINN

Numm _____

Virnumm _____

Beruff _____

Gebuertsdatum _____

Nationalitéit _____

Adress _____

PLZ _____ Uertschaft _____

E-mail _____

Tel _____

Den ____ / ____ / 2022

Ze schécken un: CSV - B.P. 826 L-2018 Lëtzebuerg E-mail csv@csv.lu - Tel 22 57 31 1

